PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Bannenzeg Sécherheet & Wirtschaft weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°78 hat ech de Premierminister iwwert d'Sécherheet a Vertraulechkeet vun de Kommunikatiounsreseaue befrot. Deemools war jo säitens der US-Regierung beschloss ginnkeng Equipementer vun Huawei méi an hirem sougenannte "Core" vum Kommunikatiounsreseau wäerten asetzen. D'lëtzebuergesch Regierung huet hei net ausgeschloss, fir chinesesch Technologien am Kär vun eise Kommunikatiounsinfrastrukturen ze verbidden. Weider schreiwen d'Ministeren:

> "Aktuell verfügt d'Regierung net iwwert genuch corroboréiert Fakte fir esou eng Mesure ze huelen, mee wann dëst sech géing ënneren, da misst eng Reevaluatioun gemaach ginn."

Tëschenzäitlech huet d'Regierung, am Juni 2019, eng ëffentlech Ausschreiwung fir Projeten am Kontext vum 5G gestart. Heibäi ass d'Post als Koordinator am Beräich "Network Security" festgehale ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet sech d'Faktelag, wat d'Benotzung vu chineseschen Technologien an eise Kärkommunikatiounsinfrastrukturen ugeet, verännert? Wéi eng Rapporte leien der Regierung hei vir?

2. Wéi eng Sécherheetskrittären an Technologiesufuerderunge goufen am Domän vun der Network Security festgehalen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député